Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la Fnel) Adresse Postale: B.P. 1026 L-1010 LUXEMBOURG

# WANDROUS

**N° 354 Fréileng / Bléiemount / Broochmount 2015**

**Abrëll / Mai / Juni**



Kënnt **5 mol pro Joër** reaus
Abonnement **25,00 Euro**
CCPL: **Lu82 1111 0498 5493 0000**
Chefredakter: Patrick Jénin (Fennec)
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: **LBB**
E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu
Tel: **49 50 51**

LIONS BLEUS BONNEVOIE 100 HONNERT JOER / 2014 SCOUTS ET GUIDES

**Lies d 'Wandrous da bas du ëmmer up to date!!!**

# Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus



Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?
Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?
Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.
Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.
Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den "AMIS DES LIONS BLEUS"

# ? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem "ordre permanent"*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun "Les amis des Lions Bleus" + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéiën mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréiën, esou kënnen mir mat an op en "revenue" zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.
Natierlech fréën mir ons iwwert en émolegen oder regelméissegen Don!
** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.
Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!
Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!
***<u>Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!</u>***

# Federal-Ouschtercamp 2015
# um Misärshaff

Mir Unitéit Phoenix vun den Lions Bleus organiséieren zesummen mat der FNEL en Ouschtercamp am Thema „Scoutstraditionen"!

Wëlls du d'Scoutstraditionen besser kenneléieren?
Dann sief och du dobäi bei eisem Camp.

**Wéini**: Vum **9ten Abrëll** bis den **12ten Abrëll 2015**
**Wou**: **Um Misärshaff**

**Preis**: **80 Euro** ze iwwerweisen bis den **30ten Mäerz** op folgenden Compte
**CCPL IBAN LU49 1111 2324 7361 0000**
**(Les Lions Bleus a.s.b.l. Explorer)**
**Mentioun**: **Groupe+Xcamp 2015**
**Iwwerweisung zielt als definitiv Umeldung**

**R.v.**: Den **9ten Abrëll** em **10 Auer um Misärshaff**
**FIN**: Den **12ten Abrëll** em **14 Auer um Misärshaff**

»» ............................................................................................................ ««

Heimat mellen ech (RUE/ARUE)______________________ folgenden
Groupe________________________________
mat (Unzuel)____________Explorer un, fir um Federal Ouschtercamp um Misärshaff vum 9.-12.04.2015 deelzehuelen.
Datum an Ënnerschrëft:________________________

fnel scouts & guides

# Ouschtercamp Beaver Souche Beaver

## Den Superbeaver brauch dringend deng Hëllef!

**Sain Erzfeind den Flantermaus-Michi huet dem Superbeaver seng Superkraaft vun him wech geholl an elo as ed un dier fir dem Superbeaver ze hëllefen , dës erem zreckzeerlaangen.**



**All Beaver zielt bei der Missioun also sierf och du dobai an mell dech seier un fir dem Superbeaver seng Kraaft neess zreckzekreien der beiser Flantermaus hier Pläng ze duerchkraizen. Gëff och du zum Superbeaver !**



Rendez-Vous: Den 18. Abrëll 2015 um 14.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg an Tip-Toper Uniform.

Retour: Den 19. Abrëll 2015 um 16.30 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg.

Wat brauchs du? Schloofsaack , Täschenluucht , Bidon , dem Wierder ugepassten Kleeder , Biergschong , Zännbiischt, Gamelle , Besteck , Ennerwesch Pijama, Kichenduch.

Praiss: 25 Euro sin ze iwwerweisen op de Compte vun de Beaver (CCPL LU87 1111 2571 8942 0000) mat der Mentioun "OCBV15+NummvumKand" bis den 11.4.15 spéitstens.



Souche: Ass oofzegin bei dengen Cheffen bis den 31. März 2015!



Heimat erlaaben ech ______________________ mengem Beaver, dem ______________________ um Ouschtercamp 2015 vum 18. bis den 19. Abrëll 2015 deelzehuelen An iwwerweisen den Montant am Délai.
Ënnerschrëft ______________________

# Ouschtercamp Wëllef Souche Wëllef

Et wor emol eng kleng Meute mat lauter Wëllef, déi sin op d'Sich gaangen no der Quell vun all de Märecher...An wann se net gestuerwen sin, dann hun sie daat och fonnt. Hues du loscht an eng aner Welt anzetrieden? Eng Welt voller Magie, wou d'Rotkäppchen an de béise Wollef liewen, an d'Ritter Prinzessinen eroberen? Da komm mat op eise flotten Ouschtercamp! Flaischt kennt io ch nach e gewessenen Hues laancht...



**Rendezvous:** den 16. Abrëll 2015 um 9:00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg an enger Verkleedung aus engem Märchen!

**Retour:** den 18. Abrëll 2015 um16:00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg

**Material:** Schloofsack, Carrymatt, Biergschong, dem Wieder ugepasste Kleeder, Täscheluucht, dem Wëllefchen seng 5 Saachen, Wäschsaachen, Gamelle, Reenjacket, Jumbo-Kaart, E-Go Kaart oder 2 Roud-Ticket'en

**Praiss:** 35 Euro, ze iwwerweisen bis den 04. Abrëll 15 op den CCPL LU64 1111 2581 2205 0000 mat der Mentioun "Oc2015Numm vum Kand"

**Souche:** Ass oofzegin bei dengen Cheffen bis 28. Màrz 2015.




Heimat erlaaben ech ______________________ mengem Wëllefchen, dem
__________________________ um Ouschtercamp 2015
vum 16. bis den 18. Abrëll 2015 deelzehuelen
An iwwerweisen den Montant am Délai.
Ënnerschrëft _________________________



# Ouschtercamp Troupe Souche Scouten

## HOW dir kleng Greenhorns

Den Häuptling Rothaar ass e bëssen am Dilemma. D'Cow-Boys déi scho sait Eiwegkeeten versichen, den Indianer hirt Land ze eroberen hun d'Plommen vum Häuptling Rothaar sengem Plommekleed geklaut, daat waat hien zum Häuptling mëscht...
D'Cow-Boys hun him gesoot, hien misst sain land verloossen, soss géifen sie him seng Plommen net zereckgin. Daat wëll den Häuptling Rothaar awer op kee Fall zouloossen. Kéint dir him hëllefen? Hien brengt ierch an sain Indianerduerf. Allerdengs musst dir ierch nach umellen dovir! An zwar mat dëser Souche!



**Départ:** Freides, den 10. Abrëll 2015 um 8h45 op der Gare de Luxembourg.

**Retour:** Sonndes, den 12. Abrëll 2015 um 16h00 op der Gare de Luxembourg.

**Präiss:** 35 € sin ze iwwerweisen bis spéitstens den 3. Abrëll 2015 op de Compte : Les Lions Bleus-Troupe (CCPL IBAN Lu10 1111 7017 3032 0000) mat der Mentioun "OC+Numm vum Scout".

---

**Material:** Schloofsaack, Carrymatt,Täscheluucht, Gamelle, 2 Kichendicher, Biergschong, Wäschsaachen, Pijama, Täschemesser, dem Wieder ugepasste Kleeder; Jumbo-kaart /2 Roud Ticket'en, Schwamm-saachen ...

**Souche:** ass bis den 28. März 2015 oofzeginn



Heimat erlaaben ech ______________________ mengem Scout dem
______________________ um Ouschtercamp 2015
vum 10. bis den 12. Abrëll 2015 deelzehuelen
An iwwerweisen den Montant am Délai.



Ënnerschreft ______________________

---

# Sixplo fir d'Wëllefcher (LX)


# Léiwen Wëllefchen,

Den Akela rifft alleguerten d'Wëllef aus dem Land zesummen a lued se an op de Rotsfiels ze kommen.

Dofir lueden si och dech a mat denger ganzer Sixaine a fill Motivatioun ze kommen an un der Versammlung am Rotsfiels deelzehuelen!

Wannsdu loscht hues op ee flotten Daach mat denge Frënn an wells nei Leit kenneleieren, da mell dech séier un op de SIXPLO 2015!





**Wéini:** **25. Abrëll 2015**

**Rendez-Vous:** Samstes, den 25.04.15 um **09:00** op der Gare de Luxembourg
**Retour:** Samstes, den 25.04.15 um **17:00** op der Gare de Luxembourg

**Präiss:** **8€**, bis den 20.03.2015 op de Compte Les Lions Bleus Asbl - Meute(CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000) ze iwwerweisen mat der Mentioun: Sixplo + Numm vum Kand

**Souche:** ass ebenfalls oofzeginn bis spéitstens den 20.03.2015 !!!

**Wat`s du brauchs:** Deck Schong, dem Wieder ugepasste Kleeder fir dobaussen, deng **Uniform an Foulard**, 5 Saache vum Wëllefchen, Waasser (1 Liter) fir ze drénken a **Picknick** fir Mëttes.



Heimat erlaaben ech ....................................

méngem Kand ...............................

den 25.04.2015 um Sixplo 2015 deelzehuelen.

Ënnerschréft......................



# Souche Beaver Funday

Beaver



*HOW dir Mini-Indianer!*

*De Groussen Häuptling Biberzahn rifft all seng Hellefsindianer zesummen vir mat him Spueren ze liesen, mam Bou ze schéissen an ärt Fiederkleed opzebesseren! Bass du dobai vir dësen flotten Daag? Oder bass du en onerfuerenen klengen Rookie, deen seng Kriegsbemalung nach net opgeluecht huet an d>Moccassin`en nach am Schaaf leien huet? Nee? Dann mell dech séier un vir den Beaver Funday vun desem Joër!*




Wéini? Den 9. Mee 2015 um 9.45 Auer um klenge Glacis an der tiptoper Uniform.

Schluss? Den 9. Mee 2015 um 17.00 Auer um klenge Glacis.

Waat huelen ech mat? Eppes géint d`Sonn, Bidon, Pic-Nic vir Mëttes, fest Schong, evtl. e K-Way, e klenge Rucksaack ...

Praiss? 6 Euro sin ze iwwerweisen op de Compte vun de Beaver (CCPL Lu87 1111 2571 8942 0000) mat der Mention «BV Funday+NummVumBeaver» bis den 1. Mee 2015.



Souche? Umellen kanns du dech mat denger Souche bei dengen Cheffen bis den 2. Mee 2015!



**Heimat erlaaben ech ....................................**

**mengem indianeschen Beaver ....................................**
**um Beaver Funday 2015 (9. Mee 2015)**
**deelzehuelen an iwwerweisen de Montant vu 6 Euro am Delai.**

**Ennerschreft: ....................................**



# Sortie Beetebuerger Parc    Wellef

Léiw Wëllefcher,
et as nees un der Zeit eng Sortie ze machen, an des keier gin mir an de Beetebuerger Parc.



Wéini: 9. Mee um 11.00 op der Gare

Zereck: 16.45 op der Gare

Preis: 6€ matbrengen, et as fir den Entrée vum Parc.

Material: Picnic an Gedrenks an engem klengen Rucksaak matbrengen, Kaap, oder Kapuz demno ewéi d 'Wieder ass.



Deng Cheffen: Kaa, Putmini, Bagheera, Tchill, Fennec



Heimat erlaaben ech ....................................

méngem Kand ..............................

den 9.05.2015 un der Sortie op Beetebuerg deelzehuelen.

Ënnerschrëft......................



# Explorerminiolympiade

Explorer





Wels du gaeren un enger vun deenen jengsten Traditionen bei den Explorer vun den Lions Bleus deelhuelen?
An dengen aneren Explorer weisen wei sportlesch begabt´s de bass!
Dann mell dech sou seier wei meiglech un an beweis deng Sportleschkeet an Geschecklechkeet bei knifflechen an konditionellen Aufgaben.

Denk drun dein peferkt prepareierten Velo matt Helm matzebrengen an natirlech ass den Dresscode fir deen Dach eis Uniteit´s Uniform ( Phoenix T-shit an Jacket )

**Ufank**: 14.00 beim Home LBB
**Schluss**: 17.00 beim Home LBB
**Preis**: 5 Euro

<u>Souche</u> an <u>Suen</u> sin bis den 25ten Abrell ofzegin bzw zeiwerweisen op den Explorercompte:**CCPL LU49 1111 2324 7361 0000**
**„Les Lions Bleus a.s.b.l.-Explorer**

---

**Heimatt mellen ech ____________________________ folgenden Explorer**

**____________________________ un fir**
**Explorerminiolympiade den 9ten Mee 2015**

**Ennerschreft:____________________________**

---

# Paischtcamp LX,SG,EX,RO



## Are you ready for the Games?

Vir op d'international Meeschterschaft vun de Scoutsverainer, siche mir de sportlechsten, schlausten, schnellsten, gréissten, klengsten an motivèiertsten Rover/Scout/Wellefchen/Explorer deen mir hun! Et ass awer net esou, dass daat heiten elo eng Auswiel soll gin, mee éischter eng Virbereedung! Bass du prett vir d'International Scout Games (ISG) oder fills du dech fitt an wëlls du probéieren dobai ze sin? Ma dann mell dech séier bei dengen Cheffen un!

**Départ:** **Scouten/Explorer:** Samsdes, den 23. Mee 2015 um 9.00 Auer beim Home LBB zu Bouneweg mat dengem Velo an engem Helm deen dir passt! Natirlech därf deng Scouts-Sports-Uniform net feelen!
**Wëllef:** Samsdes, den 23. Mee 2015 um 14.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg mat denger Scouts-Sports-Uniform!

**Retour:** Denschdes, den 26. Mee 2015 um 16h00 zu Kanesch beim Kiefescht.

**Präiss:** 50 € sin ze iwwerweisen bis spéitstens den 18.Mee 2015 op de Compte: Les Lions Bleus-Rover (CCPL IBAN Lu22 1111 7017 2426 0000) mat der Mentioun "PC+Numm vum Kand".

**Material:** Schloofsaack, Carrymatt, Täscheluucht, Gamelle, 2 Kichendicher, Biergschong, Wäschsaachen, Pijama, Täschemesser, dem Wieder ugepasste Kleeder, JumboKaart/1 Rouden Ticket, Schwammsaachen, dem Wëllefchen Seng 5 Saachen, ...

Heimat erlaaben ech ______________________ mengem Wëllef/Scout/Explorer dem ______________________ um Pengschtcamp 2015 vum 23. bis den 26. Mee 2015 deelzehuelen
An iwwerweisen den Montant am Délai.



Ënnerschrëft ______________________

# Explorer-Cheffensortie Explorersortie

LASER GAME EVOLUTION

Hues du Loscht die **NEI** an die **AAL** Explorer oder Cheffen besser kennenzeleieren?
Dann komm matt eis Lasergame spillen.
No der flotter Sortie iessen mir dann och epes zesummen fir den Ofscholss.



**Wini:** Den 06. Juni 2015
**R.V:** Em 16 Auer beim Home Lbb
**Fin:** Em 21 Auer beim Home Lbb
**Prais:** 35€ pro Pers.

Du bass nemmen dabei wanns d`Souche an d`Iwwerweisung bis den 16ten Mai oofginn/gemach hues.
fir die Leit die Suen schon iwwerwisen haaten brauchen daat natirlech net mei ze machen.




35€ sinn **op den Compte**
**CCPL LU49 1111 2324 7361 0000**
**„Les Lions Bleus a.s.b.l.-Explorer**
mat der Mention: Laser an dem Numm vum Explorer ze iwwerwéisen



**Heimat mellen ech ____________________ folgenden Explorer**

**____________________ un fir**
**Lasergamesortie den 6ten Juni 2015**

**Ennerschreft:____________________**

# Virowend Nationalfeierdag Grillstand



# Souche Faakelzuch Souche Faakelzuch



# FAAKEL-ZUCH 2015



Wéi all Joër's sinn mir um Fiirowend vum Nationaldeierdag um Faakelzuch vertrueden.

Mit treffen ons Mèindes, den 22.Juni
21:00 Auer
bei der Metzlerei Kaiffer op 77,Grand Rue
L-1661 Lëtzebuerg

Waat brauch de Beaver, de Wëllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover, d'Amicale an natiirlech nët ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

**RICHTEG ! eng TIP TOP Uniform, also:**
**donkelblo Box**
**mat Uniformshiem, Foulard**
**Lions Bleus - Sweatshirt an eng LBB-Kaap**

**OPGEPASST:** Daat ganzt huët och en Enn !
**An deen fënnt sëch erëm bei der Metzlerei Kaiffer um 23:00 Auer**

**D'Souche ass bis spéitstens den 13/06/2015 bei dèngem Chef oofzeginn !!!**

**Wéi all Joër's sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden !!!**



Jo ech.......................................................................................

ginn och dëst Joër 2015 mat op de Faakelzuch.
an ech sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um Rendez-vous




.......................................................................................
ElterenËnnerschrëft

## Léiwefest Affiche vir Jiddereen



# POW-WOW Flyer organisèiert vun den AI



# Groussen Summercamp: fir SG/EX/RO/AM

## Groussen Summercamp

**Ha** alias **-Py** ´15

an **DU** bass mat **DOBAI:**

**CREW:**
Aleksis, Harry, Julien, Ketty, Danie, Max, Justin, Felix, Lara, Kaa, Tic-Tac, Bagheera, Sam, Nëkkel, Christophe, Ikki, Hathi, Foxi, Yuko, Mauro...
**STAFF:**
Grizzly, Paco, Chouch, Maki, Tameng, Soa, Tamia & Laska...

### Départ & Retour?

Freides 31.07.2015 (18Auer) & Sonndes 23.08.2015 (11Auer) beim Home LBB

**Präiss?** ALL-INCLUSIVE --> 950 Euro
1.AC=150 Euro, non remb. (bis Enn 2014) / 2.AC=300 Euro (bis 1.März2015)
3.AC=300 Euro (bis 1.Mee 2015) / 4.AC=200 Euro (bis 1.Juli 2015)
op Les Lions Bleus Asbl - Rover (CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000)
Ugemellt bass du erèischt wann dèng Souche & Paiement vum Acompte 1 do sinn!

### Du brauchs nach weider Informatiounen oder hues nach Froën?

keen Problem --> schreiw einfach HaPy15@lionsbleus.lu oder mell dëch beim Atra / Tamia.
Kontakter vun eis fënns de an der Cheffenprésentatioun Wandrous Ufank Scoutsjoër.

### Elterenversammlung 20.06.2015 um 16:15 Auer,

dës ass obligatorësch fir jiddereen deen matgeet.
Dofir haal der lo schon den Datum fest.

### PAACKSAACK:

Dësen ersetzt ären Rucksaack, an jiddereen brauch een. Falls de nach keen hues, kanns de der lo een per Souche bestellen. Den Präiss léit bei 30€. Mir maachen eng global Commande bei Globbetrotter fir d`Paacksäck. Wann een nach eppes wëll, soll en daat soën, dann bestellen mer alles zesummen an dir krittt 10%.

**hapySTAFF**



**SOUCHE fir e PAACKSAACK**

Ech ____________________ bestellen mer gären esou een Paacksaack (30€) fir mat op den HaPy`15 ze huelen, an ginn d`Souche bis den 25.Abrëll 2015 oof!

Ënnerschrëft: ____________________



# Souche Pow-Wow

Vir SG/Ex/Ro

**BREAKING NEWS-BREAKING NEWS**


**Dem Captain Comic seng Zwillinge si verschwonnen. Hien ass ausser sëch! Wou kënne se nëmme sinn? Am nämmlechte Moment annoncéiert de béisen Dr.Acula datt sain Aerzfeind Captain Comic endgülteg wëll zerstéieren! Zoufall??? Op alle Fall sinn all Scouten vun der FNEL geruff fir dem Captain Comic a senger Kris ze hëllefen!**

**Fanne mer d` Meedercher rëm?**

**Packe mer et den Dr.Acula ze stierzen?**

**Déi ganz Comic-Welt huet zougesot!**

**Mir brauche just nach ierch Scouten!**




## Weini?

Samstes, den 11.Juli 2015 um 14.00 Auer op der Place d` Armes.



## Retour?

Sonndes, den 12.Juli 2015 um 17.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg.

## Praiss?

**22 Euro** sinn **bis den 29.Mee** 2015 ze iwwerweisen op den Compte Les Lions Bleus - Rover (CCPL LU 22 1111 7017 2426 0000). No dësem Délai kascht ët 27 Euro!

## Comic-Ausruestung?

Schloofsaack, Carrymatt, Gamelle + Kichenduch, Wäschsaachen, dem Wierder ugepasste Kleeder, Biergschong, tip-top Uniform, Réimer, Kompass, Bidon ...



## Souche?

Ass oofzegin bei déngen Cheffen bis den 23.Mee 2015.

**Heimadder erlaaben ech** ....................................

méngem Scout/Guide/Explorer/Rover ....................................

um **Pow-Wow 2015 (11.-12.7.2015)** deelzehuelen.

Ennerschreft: ....................................

# Souche Pow-Wow

Vir Bv/Lx




**BREAKING NEWS-BREAKING NEWS**

**Dem Captain Comic seng Zwillinge si verschwonnen. Hien ass ausser sëch! Wou kënne se nëmme sinn? Am nämmlechte Moment annoncéiert de béisen Dr.Acula datt sain Aerzfeind Captain Comic endgülteg wëll zerstéieren! Zoufall??? Op alle Fall sinn all Scouten vun der FNEL geruff fir dem Captain Comic a senger Kris ze hëllefen!**

**Fanne mer d` Meedercher rëm?**

**Packe mer et den Dr.Acula ze stierzen?**

**Déi ganz Comic-Welt huet zougesot! Mir brauche just nach ierch Scouten!**

## Weini?

Sonndes, den 12.Juli 2015 um 9.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg.



## Retour?

Sonndes, den 12.Juli 2015 um 17.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg.

## Praiss?

**14 Euro** sinn **bis den 29.Mee** 2015 ze iwwerweisen op den Compte Les Lions Bleus - Rover (CCPL LU22 1111 7017 2426 0000). No dësem Délai kascht ët 18 Euro!

## Comic-Ausruestung?

Gamelle + Kichenduch, Bidon, dem Wierder ugepasste Kleeder, Biergschong, tip-top Uniform, dem Wëllefchen séng 5 Saachen ...



## Souche?

Ass oofzegin bei déngen Cheffen bis den 23.Mee 2015.

**Heimadder erlaaben ech** ........................................................

**méngem Beaver/Wëllefchen** ................................................

**um Pow-Wow 2015 (12.7.2015)** deelzehuelen.

Ennerschreft: ..........................................

# Programm Beaver



**Abrëll**



| | | |
|---|---|---|
| 4. | keng Versammlung | (Ouschtervakanz) |
| 11. | keng Versammlung | (Ouschtervakanz) |
| 18.-19. | Ouschtercamp | |
| 25. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |

**Mee**

| | | |
|---|---|---|
| 2. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 9. | FNEL Beaver Funday | |
| 16. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 23. | keng Versammlung | (Pengschtvakanz) |
| 30. | keng Versammlung | (Pengschtvakanz) |

**Juni**

| | | |
|---|---|---|
| 6. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 13. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 20. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 29. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |

**Juli**

| | | |
|---|---|---|
| 4. | Léiwefest | am Home LBB |
| 12. | Pow-Wow bei den Aigles | |

Beaverklack



Elsa, Jolly, Foxy, Tic-Tac, Grigri

# Programm Wellef LX - Programm

ABRELL

| | | |
|---|---|---|
| 4. | Vakanz | |
| 11. | Vakanz | |
| 16. - 18. | Ouschtercamp | |
| 25. | Sixplo Berdorf / Echternach | 9:00 - 17:00 |

MEE

| | | |
|---|---|---|
| 2. | Frei | |
| 9. | Sortie PMB | 11:00 - 16:45 |
| 16. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 23. - 26. | Paischtcamp | |

JUNI

| | | |
|---|---|---|
| 6. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 13. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 20. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 22. | Faackelzuch | 21:00 - 23:00 |
| 27. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |

Juli

| | | |
|---|---|---|
| 4. | Léiwefest | |
| 12. | Pow Wow bei den Aigles | |





Deng Cheffen

Bagheera, Putmini, Kaa, Tchill, Fennec



| | | |
|---|---|---|
| **ABRËLL** | | |
| 04.-19. | Vakanz (keng Versammlungen) | |
| 10.-12. | OUSCHTERCAMP | |
| 25. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| **MAI** | | |
| 02. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 09. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 16. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 23.-26. | PAISCHTCAMP | |
| **JUNI** | | |
| 06. | Patrulllenversammlung | 14:00-16:00 |
| 13. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 20. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | FAAKELZUCH an der Stad<br>& LBB Grillstand beim Metzler Kaiffer | |
| 27. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| **JULI** | | |
| 04. | LÈIWENFEST | |
| 11.-12. | POW-WOW bei den Al | |





Lènks Patt

Atra & Tamia & Soa & Sam & Neckel

# Programm Explorer

EX - Programm

**Abrël**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 09-12.04 | Ouschterinteruniteitcamp | 10-14 Auer | Misärshaff |
| 25.04 | Uniteitsversammlung | 14-16 Auer | am Home |

**Mee**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 01.05 | Meekranz bauen mat der Hoga | | |
| 09.05 | Velosversammlung | 14-17 Auer | am Home |
| 16.05 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 23-26.05 | Paischtcamp | | |

**Juni**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 06.06 | Explorer-Cheffen Sortie | 16-21 Auer | am Home |
| 13.06 | Uniteitsversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 20.06 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 27.06 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |

**July/August**

| | |
|---|---|
| 05.07 | Leiwefest |
| 12.07 | POW WOW |
| 31.07-23.08 | Summercamp |



Fir d'Unitéit : Tameng/Grizzly/Laurent/2ric/1ric

# RAPPORT BaackAktioun Groupe





## GROUSS BAACK-AKTIOUN 2015

Den Moien vum 7.Februar sinn d'Scouten, Explorer & Rover zesummen komm, fir eis dësjährlech Baack-Aktioun ze starten. Nom Carré, Fändel eropzèien an Erklärungen zum Daagesooflaaf goufen direkt Gruppen erstallt fir kënnen lass ze leen.
Eng war fir d'Produktioun vun den Fueskichelcher (also Deeg préparèieren) zoustänneg, dèi aaner konnten d'Etiketten fir Tiitercher maachen an dono wou Nonnenfaascht bis oofgekillt wor, dann och schlussendlech flott verpaacken. Spèider goufen dës Chargen och rëm getosch, sou dat jiddereen emol alles gemeet haat. Wèi mer dann bis genuch Kichelchertuuten (egal op grouss oder kleng :) zesummen haaten, hunn zwou tapfer Gruppen vun jonken Scouten sëch ët zur Aufgaab gemaach, dës Kichelcher bei den Häiser an der Nooperschaft ze verkaafen. Während dèi eng vun Dier zu Dier gaangen sinn, hun aanerer fläissech weider un den Kichelcherproduktioun geschafft. Ënner aanerem goufen och Kichelcher, wèi der ët hoffentlech matkritt hudd virum Home verkaaf an daat mat groussem Succès :::
Mir soën also JIDDERENGEM e groussen MERCI fir all Tuut dèi der ierch gegönnt hudd an hoffen, dass ierch d'Kichelcher genausou geschmaacht hunn wèi eis.

**TIC-TAC**








# RAPPORT Fuesweekend Meute

**FUESWEEKEND** vum 14.15.02.2015






**1. Dag:**

Um éischten Dag vun eisem Weekend huet d'Meute sech op der Gare versammelt fir vun do aus zesummen den Zuch a Richtung Colmar-Bierg ze huelen. Dohannen ukomm huet et ugefaangen ze reenen, mais mir sinn trotzdem all zesummen vun der Gare donidden bis bäi den Chalet vun den Hirsch getrëppelt. Am Home huet schon e Stéck Kuch an Téi op eis gewaart. Nodeems mir eis all nees erholl haten goufen d'Wëllef mat e puer Spiller an d'Thema ageweit: den Weltraum. No engem ganzen Nomëtteg voll gepaakt mat Spaass a Spiller huet den Chefkach Atra eis d'Owesiessen presentéiert: Kniddelen. Dono ass et direkt mam Nuetsspill weidergaangen. Dëst huet aus verschiddenen Atelieren a Posten bestanen déi d'Wëllefcher hu missen maachen fir dem Astronaut aus senger mësslecher Lag ze hëllefen. Nom Nuetsspill huet d'Meute sech am groussen Sall installéiert, wou den Naut, Astro Naut, hinnen mat Hëllef vum béisen Groussgrondbesëtzer seng Geschicht erzielt huet. Wei mir nees all schéin dreschen am Pyjama woren hu mir nach eng Dramrees gema, eraus an d'Universum, tëscht d'Koméiten an d'Stären.









**2. Dag:**

Den nächsten Moien ass relativ séier ugaangen: mat Frühsport. Mir hunn eng Véirelstonn dobaussen geturnt éier mir zu moies giess hunn. Et ass Pain Perdu ginn, deen wierklech gutt geroden war. Dono ass et schonn un d'Rucksäck gaangen: mir hunn eis siwen Saachen gepak an hunn eis op den Wee Richtung Schwämm gema. Dohannen ukomm hu mir zackeg eis "Astronautenausrüstung" ugedo. (Fir net ze soen Schwammbox a Maillot) Am Waasser hu mir vill flott Spiller gema. Mir sinn mam Marsmobil gefuer (fir net ze soen Rutschbahn) an haten en flotten Moien an der Schwëmm. Ganz zum Schluss hu mir nach eng Courss gema déi eist Amélie gewonnen huet an domadden ass hat d'Kapitäninn vun eiser Missioun ginn. Dono hu mir eis Astronautenrüstung leider nees missen oofdinn an zeréck bäi den Chalet goen. Mëttlerweil haten mir nees decken Honger an hunn eis mat vill Freed op d'Mëttegiessen gestierzt! Et ass Gegrilltes ginn, a wei mir den Bauch nees schéi voll haten hu mir eis nach eng Stënnchen op der Wiss amuséiert. Mais iergendwann geet och den schéinsten Weekend op en Enn an mir hunn eis nees mam Zuch Richtung Gare gema, wou mir dann nach eng Chaine des adieux gema hunn. Schlussendlech waren mir all rëm frou: den Astronaut, well seng Missioun gegléckt ass, a mir well mir rem doheem waren.

**TCHILL**

# RAPPORT Raid EX/RO vun der FNEL



## 1.Dag EX/RO

Mir hun eis den 14.März um 18:20 op der Gare getraff an den Zuch fir op Esch Alzette geholl. Do ukomm sinn mer op d'Platz vum Départ getréppelt. Do kruuten mer den eischten Message an sinn gèint 20:00 fortgaang. Um eischten Posten ass ët drëms gaangen sou schnell wèi mèiglech Becheren mat Waasser ze fëllen, ee Parcours domat ze laafen an 4 plastiks Réier mat Waasser ze fëllen. An deene Réier waren nämlech Iwwerraschungseër dran dèi mam Waasser rop komm sinn. Nëmmen an engem Ee war awer den nächsten Message. Et ass ëm Zait gaang an ët war een Glécksspill, well wann een direkt als éischt de Rouer mam Ee mam Message dran gefëllt huet war een zimlech schnell färdeg! Mir haaten leider keen Gléck. Bei eis war den Message am leschten Rouer... Et war een Text an Morse den eis een Punkt op engem Veloswee op der Kaart beschriwwen huet. Vun do aus waren ët nach zwee weider Messagen bis op d'Iessplaatz zu Rumelange. Do kruuten mer Rouladen, Gromperepurée an Gemèis. Nom Iessen sinn mer leider nët ganz schnell rëm fort komm well mer Ufangs nach op d'Peaux Rouges waarden missten fir düi mat ze huelen. Eis ass ët awer zimlech kaal gin ouni Beweegung, dofir duerften mir dunn awer weidergoen. Um Wee fir op den nächsten Posten koumen mer op eng Kräizung an den Wee den mer huelen missten loung voller ëmgefallenen Beemstämm. Dat war zimlech ustrengend iwwert all dèi Beemstämm ze klammen mee uewen ukomm huet eng laang Paus beim nächsten Posten op eis gewaart.

**Sarah Simonis**

## 2.Dag EX/RO

Um Mëtternuescht waren mer nach fläisseg ennerwee fir sou frèi wèi méiglech unzekommen. Wéi mer dunn den nexten Message fonnt haaten huet ët geheescht mer sollten verschidden weiss/rout Reflektoren an enger bestëmmter Reihenuerdnung sichen an fannen fir eisen nexten Message kennen ze fannen. Eis next Aufgab wor eng Peilung, mee den Tameng haat einfach sèier gekuckt an wèi eng Richtung ët gèing goën an dann sinn mer einfach gemiddlech dem Wee no getréppelt bis mer den nexten Message fonnt haaten, wou mer hun missen mat enger Blacklight Coordinaaten fannen. No dësem Message wousten mir dass ët nët méi sou wäit konnt sinn, well mer schon zu Diddelèng woren. Dunn sinn mer op baal direktem Wee bei d'Sportshaal getréppelt wou mer geschloof hunn. Um fèirel fir 2 woren mir als dèi 3.Grupp endlech ukomm. Bis dèi lescht Gruppen ukomm sinn, haate mer nach mateneen geschwaat an gelaacht. Géint 4 Auer goufen d'Luuchten ausgemaach, mee nët fir laang!
Um 8 Auer waren së rëm un an jiddereen huet säin Rucksaak gepaak an mer hun zesummen zu Moien giess. Géint 10 Auer gouf an den Carré gepaff, deen mir awer verpasst hun an direkt duerno war eng Chaîne des Adieux. Dono hun mir just nach op d'Soa geward an dunn sinn mer all heemgaang.

**Lara Englebert**





# RAPPORT Techuana W Groupe

**Freides & Samstes**
Freitags kamen wir alle an mit den Skiern unter den Armen und hoch motiviert. Wir packten den Anhänger und aßen gemütlich zusammen. Wir unterhielten uns und gingen früh schlafen. Am nächsten Tag morgens früh um 4:30Uhr aßen wir noch Kelloggs und schmissen uns ins Auto. Die ersten Stunden schliefen wir solang wie es ging. Mittags standen wir vor einem Piratenhaus im kalten Wind und aßen zu Mittag. Beim ersten Stop nach der Mittagspause freute sich fast jeder um bei der Tankstelle einen Snack oder eine Zeitung zu kaufen. Als wir in Techuana angekommen waren, packten wir die Sachen aus und schaufelten Schnee weg. Wir aßen zu Nacht und gingen schlafen.
**ALEKSIS**

**Sonndes**
Moies sinn mer um 8 Auer opgestaanen fir um halwer 9 carré ze maan. Nodeems mer den Daagesooflaaf festgeluecht hun, sinn mer dun gemiddlech iessen gaangen an hun dun eisen wonnerschèinen Chargentableau an Betrieb geholl. Wèi mer mat den Chargen färdeg wuaren, hun mer ugerappt. Eng Ekipp huet Holz fir dèi ganz Woch geschnidden/gerass an getesselt, an dèi aaner sinn wèi all Joërs den Waasserschlauch bei d'Quell leen gaang, fir dat mer fléissend Waasser hun. Gèint Mëtteg wor alles erleedegt an d'Kichenekipp haat eis eng gudd Gemèiszopp mat Kniddelen gekacht. Nodeems mer giess an d'Chargen erleedegt haaten, sinn dunn e puer Lèit an Techuana bliwwen fir ze lèieren an den Recht ass trëppelen gaang. E schèinen Tour bei den Kleinsee an dono ëm den Forstsèi, deen komplett zougefruer wuar. Mir hun eis gudd amusèiert um Ais, an sinn dun hongrësch an Techuana zerèckgefuer. Owes gouf ët Bauerenschmaus z'iessen, also eng Zort Omelett mat Gromperen dran. Dun hun mer nach Chargen gemaach an eisen Schwammsaack fir Mèindes gepaack an sinn schloofen gaang.
**CATHERINE**



**Mèindes**
Méindes, sinn mir um 7Auer opgestaan fir dann um 7:30Auer am Carré stoën ze kënnen. Virum Carré sollten mer eis Skisaachen undoën, well mir jo Méindes fir d'èischt op d'Pist ginn, wéi all Joërs. D'Schwammsaachen sollten mir och schon gepaack hun an an den Gang stellen, dèi mir owes no der Piste brèischten fir an d'Schwämm/Sauna ze goën. Also nom Carré um 7:30Auer gouf ët dann am groussen Sall d'Moieslessen. Nom Moieslessen goufen d'Chargen gemaach an dono gouf den Unhänger gepaack mat den Skisaachen & Co. Nodeems alles an jiddereen an den Autoen wor, hun mer eis op den Wee gemaach fir op Gerlitzen. No enger 30 Minuten sinn mer dun endlech do ukomm. Dono goufen Skisaachen ausgepack an jiddereen huet sëch prett gemaach fir op d'Piste. D'Tamia huet eis währenddeems d'Skipäss besuergt, soss kèinten mer jo keng Lifter benotzen. Mir hun eis dun an 3 Gruppen opgedeelt an sinn an deenen bis d'Mëttesstonn gefuer. Um Parking bei den Autoen hun mer dun zu Mëtteg PicNic giess. Spèider, nom lessen hun mer eis erëm an 3 Gruppen opgedeelt an sinn bis um 16:30Auer gefuer wou mer eis dun rëm um Parking getraff hun, fir Remorque ze lueden. Dono sinn mir an d'Schwämm gefuer, wou mer dun bis 20Auer bliwwen woren. No der Schwämm sinn mer heem an Techuana gefuer fir Owesiessen z'iessen. Nom lessen goufen d'Chargen gemaach an no deenen wor dun nach GBS an ët konnte en awer och schloofen goën.
**SAM**



# RAPPORT Techuana W Groupe

**Dënschdeg**

Um 7 Auer sinn mer all zesummen opgestaan an hun eis färdeg gemaach fir an den Carré um 7:30Auer. Nodeems den Dësch gedeckt wor an mer ‚autour d'une table' gesongen hun, hun mer ungefaangen mat iessen. No den Chargen hun mer eis Startklar gemaach fir Ski fueren ze goën. Haut sinn mer op d'Turracher-Höhe gefuer. Nodeems mer eng 45 Minuten an den Autoen soutzen, konnten mer eis endlech färdeg maan fir Ski ze fueren. Wèi jiddereen sèng Schung unhaat ass ët direkt lass gaang. Vun 10:30-13:00Auer sinn mer duerchgefuer an hun dèi richteg waarm Temperaturen genoss, mir haaten mëttes ëm dèi 7-8°C. No e puer richteg gudden Schmieren ass ët rëm weidergaangen an zwar bis 16Auer, do hun mer eis Stèckelchersweis an der Almstube zesummengetraff, wèi eng matzen op der Piste louch. No engem gudden Schocki ass ët dann rëm roof gefuer ginn, angelueden an nees zerèck an d'Home gefuer ginn. Do ukomm hun mir all Skischung & Co rëm zerèck an d'Haus bruecht an dann gouf ët och schon gläich nees z'iessen. No guddem Geschnetzeltes mat Spätzelen, Zalot & Gemèis hun mer eis Chargen gemaach an dono haaten mer Temps libre. Verschiddener sinn zeguer schon um 20:30Auer schloofen gaang :)

**ERIC M.**





**Mëttwoch**

Mir sinn wèi all Dag um 7Auer opgestaan. Als gudd Moieslessen kruuten mer Müsl. No den Chargen sinn mer op den INNERKREMS gefuer. Well daat Skigebitt fir all Mënsch nei war missten mir all d'Pisten ausprobèieren : Sou um 13Auer hun mir zu Mëtteg giess, an sinn am frèien Mëtteg nees weidergefuer. Als Oofschloss sinn mir nach bei eng Hütt gaangen an an hun do eppes gedronk wèi een Almdudler oder een Schoki mat richteger Mëllech. Nodeems mir Ski an Snowboarder angepaack haaten, sinn mir zefridden an d'Schwämm gefuer. No 2 Stonnen Sauna oder Schwämm sinn mir zerèck an Techuana gefuer an hun zu owend giess. No den Chargen konnt een schon schloofen goën, an dèi meescht sinn och dono direkt schloofen gaangen, well së midd woren.

**KETTY**






**Donneschten**

Haut sinn mir ewèi all Moien um 7Auer opgestaan. Am Carré krute mer gesoot, dass ët haut op Nassfeld geht. Nom Moieslessen (Kellogs, Müsli & Uebstzalot) hun mir eis Chargen sèier gemaach an hun eis och schon mat den Autoen an Richtung Nassfeld op den Wee gemaach. Do ukomm hun mer mol festgestallt, dass den Parking wou mer virun e puer Joër waren nët mèi tselwecht war an hun eis eng aaner Plaatz missten sichen, waat awer nët lang



gedauert huet. Sou hun mer direkt bei der Pist eng flott Plaatz fonnt, an wou mer all eis Ski un haaten sinn mer op d'Pist gefuer. Nassfeld ass daat grèissten Skigebitt an der Gèigend, waat och erklärt dat esou vill Lèit do woren. Mir haaten gudd Wieder an ganz schèin Aussichten! Nom Mëttesiessen hun mer nach probèiert sou vill wèi mèiglech Pisten ze fueren, dèi mer moies nët gesinn haaten. Obwuel Catherine e Ski um Lift verluer huet an dem 2eric sèng Bindung vum Ski futti gaang ass, haaten mir e flotten Daag an wollten nach op enger Hütt eppes drènken. Leider war Serveuse schrecklech onfrëndlech an kruut ët nët hin eis zwee Fanta an een Almdudler ze servèieren. Wou mer bis rëm all an den Autoen soutzen hun mer eis op d'Sich no engem Buttik wou een Krapfen kritt gemaach. Sou hun mer dësen nach schnell als Stärkung giess an zerèck zu Techuana ukomm gouf ët dann owes Kèis-Fondue.
**SARAH**





Nodeems mer Moies um 7.00 opgestaanen sinn, hunn mer ons ugedoen, sinn erofgaangen an hun schon een Deel vun den Chargen gemaach. Dann gouf Carré gepaff, wou mer den Programm vum Daach gesoot kruuten. Dunn hu mer zu Moies giess. Dono sinn dann erëm d'Chargen gemaach ginn an dann sinn mer fortgefuer op Nassfeld. Wou mer do ukomm waren, haaten mer e puer Schwieregkeeten fir eng Parkplaz ze fannen. Endlech geparkt hun mer ons prett gemaach fir op d'Pist. Wèi mer dunn d'Gruppen gemaach haaten, sinn mer lass gefuer. D'Wieder war herrlech an den Schnei war super. Ët konnt een sëch richteg gudd austoben op deenen villen schéinen Pisten. No engem schéinen Moien hun mer ons all bei den Autoen getraff, fir z'iessen. Vue-que dass d'Wieder richteg gudd war, huet ons d'lessen ganz gudd geschmaacht an ët ass keen romantësch ginn an huet gemeckert dass ët kaal wier. Nomëttes sinn mer dann rëm op d'Pist gaangen. Am Snowpark huet dann eng gewëssen Persoun gemengt sie hätt missten eppes probèieren, waat natierlech nëmmen konnt schief goën, also ass heen dono wèi ët färdeg war mat engem ganzen an engem futtissen Ski den Bierg eroof "gefuer" :) Op deem aaneren Bierg erëm uewen ukomm, ass hien dann mol rëm bei een Skireperaturbuttèck gaangen, wou hien lo schon bal wärt Stammclient sinn ;) Mier aaner sinn dann nach gefuer, während fir den Bruchpilot mol Paus war. Zum Schluss hun mer eis dann op enger Hütt getraff, wou mer eppes gedronk haaten, bei enger herrlecher Vue. Nodeems mer fäerdeg waren, an munch Lèit hier Startschwieregkeetsgraden iwwerwonnen haaten, sinn mer dann erof op den Parking gefuer, wou mer ons aanescht ugedoen hun an eis op den Wee fir zréck an Techuana gemaach hun. Dohannen ukomm, hun mer dono den lesssall ëmgeraumt fir kënnen eng gudd Fondue















z'iessen. Nodeems mer Dëppen "gebotzt" haaten, hun d' Chargen ugefaang. Dono sinn mer dann midd an den Schloofsaack gefall.
**MAX**

**Freides**
Haut den moien sinn mir ewèi all Daag opgestaanen, hun eis färdeg gemaach, den Fändel eropgezunn an konnten den letzten Dag an Techuana dun starten. Gemiddlech hun mer nach emol Kaffi zesummen gedronk an hun eis fëx prett gemaach fir an den Schnèi. An enger neier Rekordzäit sinn mir virun 9Auer op den Bierg fort komm. Do uewen op der Glatz (Gerlitzen) ukomm, hun mer eis sèier opgedeelt an sinn erop gefuer fir dèi letzten Abfahrten am herrlechem Wieder ze genèissen. An der Mëttesstonn haaten mer eis RV ginn an enger Hütt fir eis ët op der Terrass an der Sonn nach emol sou richteg gudd goën ze loossen an daat och nach mat guddem Kascht : yammi soën ech just. No der Stärkung hun mer versicht d'Pisten nach emol ze fueren an sou vill wèi mèiglech Sonn ze tanken ier mer dann, dèi eng nach een leckeren Schoki (mat Heumilch) bei d'Boom als Oofschloss drènken woren an dèi aaner bis dèi letzt Minut d'Pisten onsëcher gemaach hun. Dun goung ët bei d'Autoen, alles gouf gepaack an dann sinn mer nach eng kèier an d'Thermen gaangen fir ze relaxèieren an fir dono fit ze sinn fir nom O-Iessen Gaz ze ginn fir alles ze paacken. Sou hun mir Piscine/Sauna nach emol genoss, sinn dono Heem gefuer an eng Spaghetti giess. Frësch gestärkt an mat vollen Akku'en hun mir eis schnell opgedeelt, geraumt, gepaackt an gelueden an sinn dun och mat Zäiten an d'Penntuut gaangen fir den aaneren Daag gudd opzekommen fir deen laangen Heemwee :)
**TAMIA**

**Samstes & Sonndes**
Samstes sinn mir frèi um 4h30 opgestaan an mir hun eisen Schloofsaack gepackt. Dun hun mir gefrühstückt an hun eis an Gruppen angedeelt fir d'Material an den Home ze raumen/botzen an d'Remorque färdeg ze lueden. Wou all Aarbëschten färdeg gemaach goufen, an den Fändel offiziell an Techuana eroofgezunn wor, hun mer eis vum Eric verabschied an hun eos an d'Autoen gesaat an mir sinn fortgefuer. Mir hun eis Mëttesplaatz op engem Autohof gemaach an et wor gudd kaal, dofir hun mir sou schnell giess wèi mer konnten. Mir sinn wieder gefuer bis mir kuerz virun 19Auer zu Lëtzebuerg beim Home ukomm sinn. Do hun mir dann d'Remorque ausgepaack an e klengt Feier gemaach. Kuerz virun 20Auer sinn mir dann all zesummen bei den Restaurant Locanda iessen gaangen an mir hun alleguerten Nuddelen oder Pizza geholl, ausser den Max deen e Biffteck bestallt huet. Dono sinn dann d'Paco, de Grizzly, d'Ketty an de Max Heem gaang. Mir soutzen nach

# RAPPORT Techuana W Groupe



eng Zäitchen am Home beim Feier an dann sinn mer schloofen gaang. Nodeems mir emol bëssi mèi laang konnten schloofen sinn mir opgestaan an hun gefrühstückt. Mir hun eisen Schloofsaack gepaack, dann Chargen gemaach an dèi èischt Grupp misst Telleren vun e Samsteg moies nach spullen plus aanert Kichenmaterial, dèi aaner huet Material an der Garage geraumt. Um 11h00 sinn d'Elteren komm an mir hun eng ‚Chaine des adieux' gemaach. Dono goufen nach Iessensrechter opgedeelt an hun mer eis Gepäck geholl an sinn heem gaang.
**HARRY**



# ët schèngt spéciale ët schèngt

01) wèi wann d'Lions Bleus no vill Experienz an vill Jor'en Techuana emol eppes neies versicht hätten.
02) dat den Wiener Student ët nët esou einfach haat iwwerhaapt mol bis an Techuana ze kommen.
03) wèi wann eis Frischlingen dës Joër sëch ganz tapfer op der Pist gehaalen an gemaach hätten.
04) dat eis d'Kaa mat villem lènks & riets kucken an schwätzen zu Nassfeld um Lift sèng Problemer haat.
05) dat eisen klengen Racoon (sou duerfen mer ab dësem Camp nennen) sèng Schwieregkeeten haat.
06) wèi wann d'Kaweechelchen anscheinend ab elo eng Skischoul mat sèngem Talent kann opmaachen…
07) dat dem Lama sèng Laun äusserst positiv wor, vue-que dat Wieder excellt wor an mir + Graden haaten.
08) wèi wann eisen Elch Mèindes op der Pist schwèier traumatisèiert vun der Toilett zerèck komm ass.
09) wèi wann verschiddener vun eisen Participant'en dèi komeschsten Saachen an der Nuecht maan.
10) dat den Wäschbier & Äffchen op hierer Visite op Lublijana(SLO) alles hun misse ginn fir eng Parkplaatz.
11) dat d'Kachekipp hierem Lehrling mol wichteg Punkten vu Villach gewisen hun, alias ClaudiasHeisseKiste
12) dat dës Joër den KrapfenUfro an Undrang gemeessëgt wor, an soumat ët der och just eemol gouf.

# ët schèngt nët nëmmen ët schèngt nët nëmmen

01) dat sie lo no Jor'en hiert persèinlëcht LieblingSkigebitt fonnt hätten, an zwar dem Innerkrems.
02) wèi wann en nët 1x mee 2x den Pannendèngscht huet misse ruffe ier hien sëch op de Wee konnt maan.
03) dat nom èischten Thermenopenthalt mat Aufguss&Co, dèi èischt awer Plommen hun missen loossen.
04) wèi wann hat gemengt haat een Ski einfach doënnen ze loossen an just mat engem erop ze fueren…
05) wèi wann hien all Daag bei der Abfahrt an Techuana ëmmer nees eppes aaneres vergiess hätt.
06) dat ët sain Können um Schlepplift konnt beweisen, an sëch glaat mam Mini op Suckel geluecht haat.
07) wèi wann daat den letzten Daag an der Sauna beim Kneipenaufguss awer keng Wierkung mèi haat :
08) dat hien onmoossëg Geräicher vun der Fraëntoilett hèieren haatt an soumat selwer nët mèi konnt :
09) dat dèi eng jäitzen: Looss mëch dach erou, an dèi aaner schaarchen wèi een Wasserkocher.
10) wèi wann een vun deenen 2 extra bei de Coiffeur gaangen ass fir eben virun der Dier kënnen ze parken.
11) dat hat him anscheinend e klenge Liebesbrèif mat sènger Nummer am Porte-Monnaie hannerlooss haat :
12) wèi wann verschidde Lèit lèiwer um 17Auer eng Mettwurscht oder een klengen Schnitzel gehaat hätten.

# Rapport Intertroupe mat den WI an DD








**Daag 1 (7. März 2015)**

Lëscht Woch sinn d'Lions Bleus de Bonnevoie mat de Mamer Wiselen an den Dippecher Dachsen op eng Kamp mat de Mamer Wiselen an den Dippecher Dachsen gaangen. Den Thema vum Kamp war, dass mir den Mirakulix sain Zaubertrank erem hierstellen mussen virun dass d'Réimer et erausfannen.
Mir sinn all um 9:00 bei der Gare vu Mamer gefuer. Mir sinn all an den Karée gelaf komm an hunn all d'Lidd ,,Lorenzia" gesong a si mam Rucksaack erofgesquated. Duerno sinn mir an Patrullen vu sechs oder siwwen Scouten gedeelt ginn an kruten Koordinaten a Material fir op den Hike. D'Koordinaten hunn eis de nächsten Posten gewissen. Wann mer op eisen Posten ukomm sinn, misste mir e Spill spillen oder den Ziedel, wou d'Koordinaten drop stoungen, sichen. Mir hunn eis während den Hike eis alleguer kennengeléiert an nei Frëndschaften gemaa. Mir woren immens midd als mir an den Home vun de Mamer Wiselen ukomm sinn. Mir si mat eise Rucksäck an eis Schlofzemmere gangen an hunn eis do opgestallt. Dann si mir an de grousse Sall gangen an hunn do Cookies a Friichten do gièss. D'Cheffen sinn herno erakomm an mir hunn all um Bueden d'Nummespill gespillt.
Mir kruten dann gesot, dass mir als Patrull e Sketch zum Thema Asterix an Obelix maachen missten. Déi hu mir den zweeten Dag virun di aner Patrulle gespillt an hunn währenddeems vill gelaach.
Elo war et Zait fir z'iessen, do kruten mir Poulet mat Zaloot a Gromperen servéiert, mir huet et mega gefall. Wann mer all färdech mam Owessiesse woren, hu mir als Patrull op e Bänk gesetzt an hunn op de Beamer géint di aner Patrullen gespillt. Deen Dag do wor esou flott mee et war elo Zait fir an d'Bett ze klammen a fir ze schloofen. Mir hunn am Zemmer nach ebesse geschwaat mee wëll mer all esou midd wéinst den Hike woren, si mir ganz schnell ageschloof.

Isaac Foran

**Daag 2 (8. März 2015)**


Mir sinn moies brutal wackrech gemach ginn. Dun hun mir missten Frühsport am Pijama maachen an dun sinn mir nach laafen gaangen. Duerno hun mir giess, an hun nom Iessen eis Sketcher fiirgedroën. No den Sketcher hun mir een Rally (alias Schlag den Römer) gemaach an fir all Spill daat mir gewonnen hun kruuten mir een Stèck vum Zaubertrankrezept. Zum Schluss nom Rally haaten mir alleguerten d'Stècker an hun mam Mirakolix den Zaubertrank gemaach. Nom Zaubertrank maachen ass en 1 Stonn lang gekacht ginn. An der Zäit wou en gekacht gouf, hun mir alleguerten zu mëtteg giess. Nodems mir giess haaten hun mir Spiller gemaach, an den Zaubertrank gedronk bis eis Elteren oder Bomien komm sinn.

Danie

# Dem LEO LEIF seng Sait — Leo Léiw

**Hallo dir Leit,**
**d''s Kéier kommen ech mat flotten Saachen am Thema Ouschteren an Fréijoer! Ech wenschen ierch vill Spaass bei allem waat der maacht!**









## WITZECK - HAHAHAHAHAHAHA

Trifft der Osterhase den Schneemann und sagt: "Möhre her, oder ich föhn dich!"

Hoppeln zwei Hasen nach China. Sagt der eine zum anderen: "Wir hätten Stäbchen mitnehmen sollen, hier fallen wir auf mit unseren Löffeln."

Treffen sich zwei Rühreier zu Ostern, sagt das eine: "Irgendwie bin ich so durcheinander."



# Lions Bleus NEWS
Lions Bleus News







## LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op
vun 15h45 - 16h15 den:



25/04/2015
16/05/2015
20/06/2015
04/07/2015

**EMYS ënnert der Hauf'**




# WOSM & fnel NEWS
WOSM&fnel News

fnel scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Nouv.Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!!!

## ALLGEMENG Datumer:

| | |
|---|---|
| 16-19/04/2015 | LeadershipFormatiounsCamp |
| 25/04/2015 | LX Federalaktivitéit |
| 5/05/2015 | Soirée CG |
| 9/05/2015 | BV FunDay |
| 22/06/2015 | Faackelzuch |
| 02/07/2015 | Wuppefest |
| 1-12/07/2015 | Pow-Wow SG/EX/RO |
| 12/07/2015 | Pow-Wow BV/LX/SG/EX/RO |
| 03-21/08/2015 | Rover Helping IOP an Tanzania |
| 26-15/08/2015 | WorldScoutJamboree 2015 Japan |

# Shop Lions Bleus

LBB-Shop

Sechert ierch elo den

# Starter-Pack Lions Bleus

## Dee Praiss schléit an!!

Alles waatsdu brauchs vir en gudden Lion Bleu ze sinn ass hei dran! An daat ganzt an enger spezieller Offer elo nëmmen an den LBB-Shop vum Vertrauen.



**LBB-Plover** → Eenzelprais **25 €**



**LBB-T-Shirt** → Eenzelprais **12 €**



**LBB-100-Becher** → Eenzelprais **16 €**



**LBB-Kaap** → Eenzelprais **12 €**


**TOTAL** **~~65 €~~**

ELO NEMMEN NACH VIR

**55 €**

## Aaner Produit'en am LBB-Shop:

| | |
|---|---|
| LBB-Mutz | 12 € |
| Foulard | 5 € |
| Knuet | 2 € |
| Vademecum (Wëllef) | 10 € |
| Scoutsbichelchen | 10 € |
| De Jaizert | 10 € |
| LBB-Badge | 4 € |
| LBB100-Button | |



Emys, ennert der Hauf!

# et schéngt

et schéngt

01)dat een vun eise LX-Cheffen mat engem Al um TC an d'verbuedent Traapenhaus gaangen ass.
02)dat den Rue vun den Lions Bleus huet missen eng Red Bull - Bëchs mat op den Raid huelen.
03)wèi wann eis Explorer dës Joër een flotten InterUnitèitsOuschterCamp wärten organisèieren.
04)wèi wann dës Joër an der Troupe erëm 1mol fir den Grand Prix de la Patrouille gekämft ginn wier.
05)dat blo Lèiwen Pëngschtvakanz um GruppeCamp op enger Plaaz verbrèngen, wou soss na keen wor.
06)wèi wann d'EX-Zëmmer nët rechtwènklech wier,virun allem an den Ecker.(gell du Fiiraarbëschter:)
07)dat'en Lions Bleus dëse Summer nees hieren traditionnellen groussen Summercamp wärten hun.
08)wei wann d'Explorer vun den LBB erèischt als zweet letzt um Raid fort gaangen sinn.
09)wèi wann an dëser Wandrous ënnert der Kategorie,Et schèngt...nët nëmmen'keng Plaatz wor.
10)dat eist Home Enn März nees emol geflèckt, gepimpt an mat Lèift getiefreinigt gouf.
11)dat eisem Äffchen beim klassegen LBB Apéro um Schaffweekend eng Liichtchen opgaangen ass.
12)wèi wann mer an de LionsBleus no eisen 100Joër nees e ronnen Gebuertsdaag konnten feieren.
13)wèi wann d´LBB nees emol um Nuetsrallye ´Lost in the darkness´ vun den MW/PI deel huelen.
14)dat Scouten Ufank März e ganz coole Weekend zesummen verbruecht hun mat den MW & DD.
15)wèi wann no enger klenger LocatiounsPaus eisen Scoutschalet endlech nees gelount kann ginn.
16)dat eisen Bier elo och sèng Viirlèift fir Briedspiller entdeckt huet an an dësen schon stragegësch fiirgeet.
17)wèi wann all d'Scouten um dësjähregen Pow-Wow an d'Welt vun den Comics antauchen wärten.

# et schéngt nët nëmmen

et schéngt nët nëmmen

01)wèi wann dës do op enger Matratz beim "Russenkonflikt" unenenenen gerooden wieren.
02)wèi wann dës famèis Bëchs am Zuch fir op den Départ vum EX Raid am Rucksack geplatzt wär.
03)dat sie sëch d'ganz Joër gudd haalen mat den Engelcher, an nëmmen gudd Wieder krèischen.
04)dat Patrull Ameisenbier(alias Bubis)sëch nët wollt schloë loossen an Coupe souverän gewonn hun.
05)wèi wann sie de Site virun genee 5Joër esou flott fonnt hun, dat së daat Ganzt lo widderhuelen.
06)als gèif sëch daat als witzeg&gläich problematësch rausstellen beim Montage vun der Plattform.
07)wèi wann Unmelldungen eran sinn, Préparatiounen kënne weiderlaafen an de Camp HaPy'15 heescht.
08)dat sie awer als 3ten vu 10Gruppen ukomm sinn ouni sëch ze verlaafen! All resepekt un eis EX.
09)dat mir sou eng Première hun an zeguer extra TechuanaWanter,Et schèngten'publizèiere mussen.
10)wèi wann dofir ganz vill fläisseg Mäinzelmännercher eng Hand mat ugepaack hun, vun Scout-Amicale
11)dat hien inspirèiert wor, an e wiiklech flott Wuertspill eraus posaunt haat: Gell du...PIC est CON :)
12)dat eisen Pic een zarten Alter erreecht huet (LXXX) an mir him eng kleng Freed gemeet haaten.
13)dat mir mat enger jonker & mokklecher Ekipp matmaan fir zesummen e flotten owend ze hun.
14)wèi wann sie eng Zaitrees gemeet hun bei Reimer & Gallier an do dem Mirakulix begèint wieren.
15)dat dëst awer fir den Moment just fir Scoutsgruppen & Jugendmovementer ungebueden gët.
16)wèi wann daat Ganzt desletzt keen Enn wollt huelen an ët baal eng Catan-Night hätt missen ginn.
17)dat d'Aigles aus dem RollëngerGronn alles op Kopp stelle wärten fir dat mir e genialen Daag hun.

# Les amis des Lions Bleus

Amis LBB

MM Majerus Evelyne; Melle Meyer Arlette; MM Majerus Tina; MM Kyu Thull; MM Fay-Bisdorf; MM Kremer-Braun; M. Sinner Robert; Famille Beiler; MM Majerus Patrick; Anonyme; MM Schaack-Hirsch Albert; Famille Reiners; MME Federmeyer Berthe; MM Heinen G.+ Sendel Denise; M. Grün Joe; M. Rohmer Kevin; MM Jung Thomas; ...


3 Méintprogramm

| | | abrëll'15 | | | mee'15 | | | juni'15 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Më | 1 | Cogra | Fr | 1 | **EX - Meekranz bannen mat HO** | Me | 1 | |
| Do | 2 | | **Sa** | 2 | Beaver / Wëllef / Patrull | Dë | 2 | |
| Fr | 3 | | So | 3 | | Më | 3 | Cogra |
| **Sa** | 4 | | Me | 4 | | Do | 4 | |
| So | 5 | | Dë | 5 | | Fr | 5 | |
| Me | 6 | | Më | 6 | Cogra | **Sa** | 6 | Beaver / Wëllef / Patrull<br>**EX - Sortie** |
| Dë | 7 | | Do | 7 | | So | 7 | |
| Më | 8 | | Fr | 8 | | Me | 8 | |
| Do | 9 | **OC Explorer** | **Sa** | 9 | Troupe<br>**BV FunDay / EX & LX - Sortie** | Dë | 9 | |
| Fr | 10 | **OC Troupe & OC Explorer** | So | 10 | | Më | 10 | Permanence |
| **Sa** | 11 | **OC Troupe & OC Explorer** | Me | 11 | | Do | 11 | |
| So | 12 | **OC Troupe & OC Explorer** | Dë | 12 | | Fr | 12 | |
| Me | 13 | | Më | 13 | Permanence | **Sa** | 13 | Beaver / Wëllef / Troupe / Unitéit |
| Dë | 14 | | Do | 14 | | So | 14 | |
| Më | 15 | | Fr | 15 | | Me | 15 | |
| Do | 16 | **OC Meute** | **Sa** | 16 | Beaver / Wëllef / Patrull / Explorer | Dë | 16 | |
| Fr | 17 | **OC Meute** | So | 17 | | Më | 17 | Permanence |
| **Sa** | 18 | **OC Meute & OC Beaver** | Me | 18 | | Do | 18 | Comité |
| So | 19 | **OC Beaver** | Dë | 19 | | Fr | 19 | |
| Me | 20 | | Më | 20 | Permanence | **Sa** | 20 | Beaver / Wëllef / Patrull / Explorer |
| Dë | 21 | | Do | 21 | Comité | So | 21 | |
| Më | 22 | Permanence | Fr | 22 | | Me | 22 | **Faackelzuch & LBB Grill** |
| Do | 23 | Comité | **Sa** | 23 | **PËNGSCHTCAMP** | Dë | 23 | |
| Fr | 24 | | So | 24 | **PËNGSCHTCAMP** | Më | 24 | Permanence |
| **Sa** | 25 | Beaver / Troupe / Unitéit<br>**SIXPLO** Meute | Me | 25 | **PËNGSCHTCAMP** | Do | 25 | |
| So | 26 | | Dë | 26 | **PËNGSCHTCAMP** | Fr | 26 | |
| Me | 27 | | Më | 27 | | **Sa** | 27 | Beaver / Wëllef / Troupe / Explorer |
| Dë | 28 | | Do | 28 | | So | 28 | |
| Më | 29 | Permanence | Fr | 29 | | Me | 29 | |
| Do | 30 | | **Sa** | 30 | | Dë | 30 | |
| | | | So | 31 | | | | |

# Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu

An, lies du och schon
d 'Wandrous esou lang ewéi ech?



* THAT'S ALL FOLKS